



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:

07 JUIN 2017

Monsieur
Fernand ETGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Luxembourg, le 07 JUIN 2017

Objet : Réponse de Monsieur le Ministre des Communications et des Médias à la question parlementaire N° 2966 du 7 mai 2017 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER concernant la campagne de la station de radio 100,7.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire N°2966 du 7 mai 2017 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier ministre



Ministre d'Etat

**Äntwert vum Staatsminister a Minister fir Medien a Kommunikatioun, Xavier Bettel,
op d'parlamentaresch Fro Nummer 2966 vum honorabelen Deputéierten
Fernand Kartheiser vum 7. Mee 2017**

1. De sozio-kulturelle Radio fonctionnéiert op Basis vun engem cahier des charges deem ënnert anerem eng objektiv a politesch onofhängeg Berichterstattung virschreift. D'Journalisten, déi am Dénkscht vum soziokulturelle Radio schaffen, ënnerleien de Flichten, wéi se am Text vum 30. Abrëll 2010 vum Gesetz vum 8. Juni 2004 iwwer d'Meenungsfräiheet an de Medien festgehalten ass. Dozou gehéiert och de Respekt vum Code de déontologie, deem ënnert anerem virgesäit, dass all professionnelle Journalist beim Ausübe vu sengem Beruff eng Onofhängegkeet muss respektéieren. De Medieminister huet keng Kenntnis, dass déi Onofhängegkeet net respektéiert gi wier oder eng deementspreechend Plainte beim zoustännegen Organ, also dem Presserot deposéiert gi wier.
2. Wat déi Campagne betrëfft, déi den honorabelen Deputéierten an senger Fro uschwätzt, ass dëst eng Campagne, déi dem Minister sengen Informatiounen nû, d'Kompetenz vum Radio 100,7 a verschiddene Beräicher soll illustréieren an dat iwwert de Wee vu Perséinlechkeeten, déi een Deel vun deene Secteure sinn. Dat si Museker fir d'Musek an Acteure fir den Theater, Politiker fir d'Politik a.s.w. Wat de Beräich vun der Politik betrëfft, sinn dat esou wuel Perséinlechkeeten, déi de Parteien zougehéieren, déi d'Majoritéit stellen, ewéi awer och Politiker, déi Member vun enger Partei sinn, déi op nationalem Plang an der Oppositioun ass.
3. De sozio-kulturelle Radio ass een Établissement public a säin alldeegeleche Fonctionnement gëtt vun enger Direktioun assuréiert a vun engem Conseil d'administration begleet. De Medieminister ass net verantwortlech an och net zoustänneg fir den Detail vun enger Publicitéitscampagne.
4. De Medieminister kann e Lien zu enger Wahlcampagne an dësem Fall net erkennen, weder zäitlech nach wat de Contenu vun der Campagne vum 100,7 betrëfft.